Gemeng Munneref

COVID-19 : Wichteg Informatiounen

Léif Biergerinnen, Léif Bierger,

D'Regierung huet den Ausnamezoustand ausgeruff, deen dréngend erfuerderlech Mesure fir d'Preventioun vun de liewenswichtegen Interessen vun der Populatioun zouléisst.

D'Gemengen huelen aktiv un dëse Mesuren Deel. Aus deem Grond rappeléiert de Schäfferot wéi eng Instruktioune jidderee gewëssenhaft ze respektéieren huet fir dass dës Moossnamen am Kampf géint d'Verbreedung vum Virus COVID-19 Erfolleg kënnen hunn :

1) **Limitatioun vun den Déplacementer fir d'Allgemengheet**
   - evitéiert komplett oder reduzéiert op de strikte Minimum all Déplacementer. Autoriséiert sinn Déplacementer ob d'Aarbechtsplaz, fir Akeef vu Liewensmëttel a pharmazeutesche Produkter souwéi fir eng dringend Visite médicale
   - wann Déplacementer néideg sinn, haalt w.e.g. Minimum 2 Meter Sëcherheetsdistanz zu Drëtten
   - evitéiert Kontakt zu anere Persounen, virun allem zu ufällege Persounen (Persoune mat cardio-vasculaire Krankheeten, Longenerkrankungen, Diabetes, Kriibs, ufälleg Persounen oder Persounen ab 60 Joer) fir hir Sécherheet ze assuréieren
   - Manifestatiounen, Versammlungen, Gespréicher oder Spadséiergäng am Grupp si net méi erlaabt a kënne Sanktioune bis zu 145 € mat sech droen

2) **Limitéierten Accès a Schléisse vu verschiddenen ëffentleche Gebaier**
   - Aktuell fonktionnéieren d'Gemengeservicer am "service réduit" :
     - déi administrativ Büroe vun der Gemeng fonktionnéiere nëmmen op Rendez-vous. Fir administrativ an technesch Urgence kontaktéiert ons per Telefon op der Nummer 23 60 55 - 1 oder per e-mail info@mondorf-les-bains.lu
     - den Office social assuréiert Rendez-vous'e fir strikt Urgencen.
       Tel. : 621 183 567 / laura.balaguer@mondorf-les-bains.lu
       Tel. : 621 967 010 / carla.spielmann@mondorf-les-bains.lu
     - Schléisse vun all de Spillplazen, de Multisport bei der Primärschoul an de Stade John Grün (Fussballsterrainen, de Boulodrome an de Beach-volleyball) abegraff
     - Schléisse vum Recyclingpark
     - Schléisse vun de Chantieren
     - Temporärt Aussetze vum Mondibus

   - **aner Servicer**
     - d'Primärschoul, d'Maison Relais, d'Museksschoul souwéi d'Crèchen bleiwen zou bis de 19. Abrëll 2020
     - d'Entsuergung vun den Offäll bleift garantéiert
     - Annulatioun vu der Kleedersammlung den 23.03.2020
     - Annulatioun vum Service Nightrider

- D'Restauranten, d'Caféen an d'Geschäfter sinn zou mat Ausnam vun de Liewensmëttelgeschäfter, den Apdikten, den Optiker, der Post, de Banken, den Tankstellen, den Zeitungsgeschäfter souwéi de Geschäfter mat Hygiènesartikelen

3) **Annulatioun vun Evenementer**
All zukënfteg kommunal Evenementer sinn annuléiert an ob e spéideren Datum verluecht. Dat betrëfft och all d'Manifestatiounen, de Munnerefer Maart, Reuniounen oder a kommunale Gebaier geplangte Privatfeieren.

4) **Akeef déi vun der Gemeng Munneref organiséiert ginn fir Leit déi 60 Joer al sinn oder méi, fir ufälleg Leit a fir Leit déi sech a Quarantän befannen**
D'Mataarbechter vun der Gemeng garantéieren dëse Service fir déi betreffend Persounen. Dir sidd gebieden eis per Telefon ze kontaktéieren op der Nummer 23 60 55 -1 nëmmen moies tëschent 08.00 an 12.00 Auer (méindes bis freides) oder per Mail op reception@mondorf-les-bains.lu. Zu dësem Zweck gëtt lech eng virgedréckte Lëscht vun eise Mataarbechter ausgehändegt. D'Akeef ginn den Dag no der Bestellung geliwwert. Eng Rechnung mat de reelle Käschte vun den Akeef kritt Dir vun der Gemeng geschéckt. Zousätzlech huet de Wirtschaftsministère eng online Verkafsplattform **corona.letzshop.lu** an d'Liewe geruff, déi eng weider Hëllef duerstellt.

De Schäfferot mécht een Opruff un Är Solidaritéit an un Äert Verantwortungsgefill. Et ass onbedéngt néideg, dass all Awunnerinnen an Awunner all d'Virschrëften vun der Regierung am Kampf géint de Virus COVID-19 strikt anhale, fir dass déi ufälleg Persoune geschützt ginn.

Dofir :

- **Bleift doheem !**
- **Respektéiert déi hygiènesch Virschrëften a wäscht Är Hänn an évitéiert Kierperkontakt !**
- **Evitéiert egoistescht an onverantwortlecht Verhale wéi z.B. Hamsterkeef !**
- **Evitéiert jiddfer Form vu Panik a bleift roueg !**

Nëmmen zesumme kënne mir dës schwéier sanitär Situatioun bekämpfen déi fir eis all schlecht ze erdroen ass.

Bleiwt informéiert andeems dir folgend Servicer consultéiert

SMS2CITIZEN www.sms2citizen.lu – Facebook - Page Mondorf-les-Bains

www.mondorf-les-bains.lu – www.gouvernement.lu – www.sante.lu – www.corona.letzshop.lu

Fir all aner Froe kënnt dir lech un d'Hotline coronavirus vum Gesondheetsministère wenden: **8002 8080**

De Schäfferot